



N° 7951
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.05.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Am Gesetz vum Dezember 2019 gouf de legale Kader fir de Réseau un Vëlospisten zu Lëtzebuerg iwwerschaft. An den [deemolege Presentatiounen](#) vum Ministère an am Text vum Gesetzesprojet war dat erkläertent Zil deemools 1102km Vëlospiste uechtert Land.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun deenen 430km, déi säit 2018 u neier Vëlospiste sollte gebaut ginn, si bis elo gebaut ginn?
2. Wéi vill vun deenen 180km (dovunner 113km déi 2018 deklasséiert waren) déi vu fréiere Vëlospisten erëm sollten opgeholl ginn, sinn elo erëm Deel vum Réseau?
3. Am Modu 2.0 war fir 2025 d'Zil, dass 10% vun den Trajeten (>5km) Doheem-Aarbecht via Vëlo gemaach ginn. Bei wéi vill Prozent si mir haut?
4. Am Modu 2.0 war fir 2025 d'Zil festgesat ginn, dass 15% vun de Schoulweeër (>5km) mam Vëlo gemaach ginn. Bei wéi vill Prozent si mir haut?
5. 2018 ware 95km vum Vëlosréseau am "trafic mixte". Wéi vill Kilometer sinn et haut? Wéi vill Prozent vun der Gesamtlängt vun de Vëlospiste sinn et haut?
6. Wéi eng Projete fir nei Vëlospisten, déi zu deenen 1102km Réseau sollte bäidroen, goufe schlussendlech zréckbehalen? Wéi ass de Stand vun deene Projeten?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



GOERGEN Marc
Deputéierten

